Jules Wilhelm
124 av. du 10 Septembre
Luxembourg

Luxembourg, le 11 décembre 78.

Monsieur Jos. Weirich
Président de la Fédération des Victimes
du Nazisme enrolées de Force
40 avenue Gr. D. Charlotte
Dudelange

Monsieur Weirich,

Ci-joint je vous adresse un mémoire rédigé par l'enrolé de force Roger Daman de Niedercorn, décédé le 9.11.1978 à l'âge de 54 ans.

Monsieur Daman m'avait envoyé ce mémoire pour information et accord.

Peu de temps après Monsieur Daman est tombé malade et est décédé sans avoir pu remplir le questionnaire de votre Fédération et le vous adresser avec son mémoire tel qu'il en avait l'intention.

Pour réaliser ces intentions et au risque de paraître quelque peu prétentieux, je me permets, Monsieur Weirich de vous transmettre ces documents à toutes fins utiles.

Veuillez croire, Monsieur Weirich, que c'est avec le plus grand plaisir que je verrais honorer, par l'attribution de

la Médaille de la Reconnaissance Nationale, mes compagnons de cachot ainsi que les autres personnes non moins méritantes citées dans le Mémoire de Monsieur Daman, pour leurs actions courageuses et leur comportement désintéressé dans l'intérêt de nos jeunes Enrolés de Force.

D'avance je vous en remercie bien sincèrement et vous présente, Monsieur Weirich, à vous et aux membres du Comité-Directeur de votre Fédération, mes salutations très cordiales.

J. Wilhelm.

P.S. pour Information:
Veuillez noter que Madame Jules Wilhelm, ma femme, est Présidente d'Honneur à Vie de l'Amicale des Enrolés de Force, Volontaires de Guerre Luxembourgeois en Grande-Bretagne.

Roger D A M A N
Fraihätsstroos
NIDDERKUER

Den Här Jul WILHELM, 124 Av. vum 10 September, Letzebuerg

wor vun ufank un an der Lédong vun der L.P.L. (Letzebuerger Patrioteliga):

1. bedélecht un der Rédaktioun an der Verbrédong vun den L.P.L.-Zirkulären an den Informatiounsschröften: "Ons Hémecht" an "De fraien Letzebuerger" (Chef-Rédakter an "Drékker" wor de Jul LEGRAND vum Lampertsbierg).

2. huet mam Dr. Albert KONGS (+) vu Letzebuerg, no der Arrestatioun vum Jul LEGRAND), Zirkulären gedrékt a verbräd:
   a) Protest geent d'Aféerong vun der "Wehrpflicht".
   b) Opruff fiir de Straik.
   c) Paroul fir d'Ausföllen vun "Volktums-Formularen": Draimol Letzebuerg.

3. woor bis zoe sénger Déportatioun am November 1942 L.P.L.-Délégéerten am Aktiouns-Comité vun den Letzebuerger-Résistenzorganisatiounen.

4. gouf arrätéert am November 1941 mat sengem Frönd Ady CLAUDE vun Défferdéng ( + gekäept zou Köln).

5. aus dem Prisong entloos huet heen sech dem Marcel CLAUDE (Bruder vum Ady CLAUDE) an dem Jean BETZ ugeholl an déi zwéin duerch Vermöttlong vum Jul LEGRAND an der Joffer Berthe SCHMITZ vun Ettelbréck biss Enn des Krichs verstoppe gelooss.

6. huet bai Geléenheet vun der " Kreistagsfeier zur Einführung der Wehrpflicht ", ewéi schon ömmer virdrun, refuséert e preiseschen Fuendel auszehénken. Well ower op soen historesche Daag (!) keen Haus huet duurfen "unbeflakt" sin, huet d'Staater-Ortsgrupp vun der V.d.B. mat höllef vun der S.A. " die Ausschmückung des Hauses WILHELM übernommen."

7. huet aktiv um Generoolstraik géint d'Aféerong vun der "Wehrpflicht" délgeholl.

8. huet als Filiérist gehollef Letzebuerger Réfraktären falsch Pobaieren, an franséesch Geld ze besuergen an se iwer d'Grenz ze bréngen.

9. goew den 13. 11. 1942 mat senger Fraa Alice WILHELM-GOLDSCHMIT op Leubus déportéert.

10. an der Déportatioun, an daat besonnesch noo der Libératioun vun Letzebuerg am September 1944, huet den Här Jul WILHELM a seng Fraa munnech Letzebuerger Médercher an Jongen aus demm "Arbeitsdienst" an aus der "Wehrmacht" mat Geld a Kléder gehollef. En etlech vun hinnen, ewéi ech sellwer, konnten bai hinnen den "Urlaub" verbrengen.

11. Baii esouenger Geléenhêt huet d'Madame Alice WILHELM, mech deemols, duurch d'faelschong vun mengem "Wehrpass", vum "Fallschirmjäger" zum "Sanitäter" gemaat. Dobai goew nët verpasst am Wehrpass d'owliwerong vu mengem Gewiir ze beschainegen ...... daat dan och glaich vum Här WILHELM sechergestallt goew.
   Deser owännerong vum Wehrpass verdanken ech önnerraanerëm der Requisitioun fir d'Verdädegong vun der "Festong" Breslau entgaangen ze sinn, waat engem Doudesuurtal glaich kom wär.
   Och nach duurno sollt des Passännerong mer verschiddentlech vun Notzen sinn.

12. Draii aaner Kommeroden, aus engem Bewäronsbattailloun désertéert, goewen önner mathöllef vun der Madame WILHELM an dem Här WILHELM bis Enn des Krigs, daat hécht bis zur Libératioun durch d'Russen, önner dénen onwarschainlechsten Oemstänn verstoppt a bekaeschtecht

Zwéin vun desen Désertören, dénen hiir Nimm mer entgaangen sinn, goewen vun den Bridder THIEFELS vun Medernach an den Dépendenzien vun emgem groussen Haff verstoppt an bekaeschtegt. Fiir all Fäll haat och hai den Här Jul WILHELM fiir falsch Aabechspobaieren an falsch franséisch Identitéetskaarten gesuergt, waat allebäden eppes méii spéid d'Verhaftong erspueren an domat d'Liewen retten sollt.

Den drötten vun desen Désertören, de Pierre Braquet vu Scheffleng, goew vun sengen déportéerten Elteren a Bridder an de Wunnbaraaken vun enger Molkerai verstoppt, nodém hén eng éischt Stopp zu Hirschberg (am Riesegebirge) beim Deportéerten Alphonse PEUSCH aus dem Reckendall fond haat. Och hai huet den Häar WILHELM glaich fiir falsch Ausweiser an Ziwillkläder gesuergt. Uniform, Schong, Rimm a.s.w. goewen op der Plaaz vun der Madame WILHELM verschnidden an am Uewen verbrannt. Uniformknäpp, Rimmblock a.s.w. goewen am Bober (déiw Baach) versenkt.

Noo Kontakt mat der Familjen Braquet, goew hiiren Pierre mat Höölef vun franséschen Krigsgefangener, Aarbechskommerooden vum Här WILHELM, a seng nei Stopp bruecht.

13. Beim Preisechen Räckzuch durch Schlesien kruut en Bêteburger Zwangsrekrutéerten, den Numm ass mer vergies, kontakt mat de Letzebuerger Déportéerten vun Boberstein. Och fiir hén woor de Krich aus nodém den Här WILHELM sain Numm, wéi och d'Nimm vun dénen aaneren Letzebuerger Désertören, op d'Löscht vun de Letzebueger Politischen Déportéerten gesaat haat. Op déi Mannéer goewen sii enger Arrestatioun duurch d'Russen entzunn an hinnen eng raiwongsfraien Rapatriement erméigelecht.

14. Et bleiwt d'Roll vum Här WILHELM erviirzestreichen a Punkto Fraistellong vun der "Wehrpflicht" ewéi iwwer d'Entloossong vun jongen Letzebuerger aus der "WEHRMACHT". Haifiir verwaisen ech op dén baigeluegten Auszug "Resistenz im Lager" aus dem Evy FRIEDRICH séngem Boch: "Als Luxemburg entvölkert werden sollte".

Zu desem Kapitel bleiwt nôzedrôen dass d'Lagerlêdong (Gestapo)mat Höllef vun hiiren Komperen vum Gestapokommando Hirschberg duurnô versicht huet denn Entschäd vum Wehrbezirkskommando Hirschberg vum 6 Abröl 1943, laut dém d'Musterong fiir déi jong Letzeburger Déportéerten nöt "anwendbar" wiir, z'ömgôen. Zou dösem Zweck gouwen 11 Letzebuerger Maenner, déi joo seit hiirer Déportatioun ounii offiziell Ausweispobairen wooren, eng Kennkaart ugebueden. Haibei sollt et sech nött öm eng "Fremden-Kennkarte", mä... well Letzeburg joo als Staat net méi besteng... goew hinnen eng "Kennkarte mit dem Vermerk EINDEUTSCHUNGSFAHIG" ugebueden. Esou eng Kaart sollt dem "Inhaber" d'Recht ginn noo enger "Bewährungsfrist" vun 8 Jooer d'Daitsc Nationalitét zouerkannt ze kréen.

Déi 11 auserliesen Letzeburger Déportéerten, elauter Männer ooni Kanner resp. ~~Pappen~~ nömmen Pappen vun Médercher, wooren sech direkt bewosst dass et séch bai deser "Bewährung" nömmen könnt öm eng Krigs-Bewährung handelen. Daat wnn nett fiir sii, dann ower fiir d'Jongen vun dénen Pappen dénen ~~hinnenxll~~ noo hinnen 11 eng sellwécht Kennkaart obgezwongen géiw. Ouni ze zécken hunn se allen 11 refuséert déi ugebueden Kaart z'akzeptéeren. Spanneroosen huet d'Gestapo sii dorophinn virun d'Wiiel gestallt: "Kennkarte oder K.Z." Aus Rüksecht op d'Jongen am Lager hunn allen 11 Geiselen sech fiir d' K.Z. entschäd. Dorophin goewen sii direkt an de Prisong Hirschberg owgefouert.

Ennert hinnen 11, ewéi ömmer wann eppes lass woor, denn "Rädeslführer" Jul WILHELM.

Mat der Wehrpflicht fiir ons jong Letzebuerger déportéerten woor et doomat définitiv eriwwer.

------------------

Ann Unerkennong vun hiiren besonneschen Mériten am Interessen vun jongen Letzebuerger Zwangsrekrutéerter proposéeren ech esouwuel

1. d'Madame Jules WILHELM, gebueren Alice GOLDSCHMIT
   124, Av. vum 10 September
   LETZEBUERG

   ewéi den

2. Här Jul WILHELM
   124 Av. vum 10 September
   LETZEBUERG

ênzel mat der MEDAILLE DE LA RECONNAISSANCE NATIONALE auszezêchnen.

======================

Ausserdeem géiw ech proposéiren och déi aaner 10 Gaiselen, déi an etschêdendem Moment, am Interessen vun jongen Letzebuerger Déportéerter aus de JOergäng 1920 - 1927 fiir d' K.Z. optéert hun, mat der MEDAILLE DE LA RECONNAISSANCE NATIONALE auszezächnen.

et sinn:

1. BESCH Paul, Affekoot ( + gestuerwen)
   Madame Paul BESCH-Schouweiler
   16, Bd. Gr.D. Charlotte LETZEBUERG

2. CROISE Michel, Versécherongsdirekter (+ gestuerwen)
   René CROISE
   11 Place Guillaume DIEKIRCH

3. GROSBER Victor, Schrainermäschter
   HAMM

4. GUILL Mathias, Notärsklär (+ gestuerwen)
   Madame Math. Guill
   GREVENMACHER

5. PEUSCH Alphonse, Industriel ( + gestuerwen)
   Madame Alphonse PEUSCH-WESTER
   LETZEBUERG-RECKENDALL

6. RECKINGER Victor, Steierinspekter (+ gestuerwen)
   Madame RECKINGER Victor
   LETZEBUERG-MERL

7. SABUS Pierre, Wooner (+ gestuerwen)
   Madame Pierre SABUS
   Consdorf

8. SEIMETZ Emile, Employé (+ gestuerwen)
   SEIMETZ Louis
   38, rue des Martyrs REMELENG

9. HOFFMANN Jean, Schrainermäschter (+ gestuerwen)
   Madame Jean HOFFMANN
   Rollingergrund

10 THILL Frédéric, Schrainermäschter
   HOFFELT

---

ann: 1. HENTGEN Aloyse, Affekoot (+ gestuerwen)
   Madame Aloyse HENTGEN-FABER Fondation Pescatore
   LEtzebuerg

2. FABER Paul (+ gestuerwen)
   Madame HOFFMANN-FABER, Gast. 180, Av. de la Faiencerie
   LETZEBUERG

# Resistenz im Lager

Die Luxemburger, die umgesiedelt wurden, führten, soweit es ihnen möglich war, auch während der Zeit ihrer Deportation ihren Widerstandskampf weiter.

Wir haben hier bereits darauf hingewiesen, daß überall, wohin sie kamen, die Luxemburger suchten, Kontakte mit den Franzosen aufzunehmen, denen sie sich am nächsten verwandt fühlten und denen sie glaubten vertrauen zu können. Dieses Vertrauen war ein gegenseitiges. Und so kam es, daß die Luxemburger, die in den tchechischen Lagern, vornehmlich in Nestomice, untergebracht waren, eines Tages von französischen Zwangsarbeitern und Kriegsgefangenen angesprochen wurden, ob es ihnen nicht möglich sei, etwas Lebensmittel für einen besonderen Zweck abzugeben. Die Luxemburger willigten selbstverständlich ein und gaben ab, was ihnen zu geben möglich war. Erst viel, viel später hörten sie, daß sie zur Flucht des französischen Generals Giraud von Festung Königstein an der Elbe beigetragen hatten.

In Hirschberg entwendete ein Luxemburger abgestempelte und unterschriebene Urlaubsscheine für Ausländer, die dann von Luxemburgern, Franzosen und Polen, deren Namen nachträglich mit Schreibmaschine eingetragen worden waren, dazu benutzt wurden, Verbindungen mit anderen Lagern zu unterhalten. Auch Lebensmittel wurden durch von Luxemburgern durchgeführte Manipulationen von den für Deutsche bestimmten Beständen abgezweigt und kamen Deportierten oder Kriegsgefangenen zugute. In einem Fall soll es sich dabei um nicht weniger als 20 000 Zigaretten gehandelt haben. Von all diesen Manipulationen erfuhren die Deutschen nie etwas, so dicht hielten sowohl die Luxemburger als auch die Ausländer.

Ein besonderes Problem stellte sich, als Luxemburger aus den Lagern zur Wehrmacht eingezogen werden sollten. Es gelang Juristen, die ebenfalls deportiert waren, aufgrund von Hinweisen auf internationales Recht, das die Deutschen sonderbarerweise diesmal in Betracht zogen, dazu zu bringen, daß sie auf die Einziehung der Luxemburger verzichteten. Das gleiche war der Fall, als die letzten deutschen Reserven zum Volkssturm eingezogen wurden. Auch in diesem Falle blieben die Luxemburger verschont. Freilich muß dabei berücksichtigt werden, daß die Deutschen in jenen letzten Monaten des Krieges schon mit den westlichen Alliierten zu liebäugeln begonnen hatten.

Nachstehend ein am 3. April 1943 dem Wehrmeldeamt Hirschberg mündlich übermittelter begründeter Antrag der Luxemburger. Die Aktenotiz wurde mit einem Begleitschreiben an das Kriegsministerium gesandt.

**Rechtslage der Luxemburger**

Aktennotiz:

*Zur Frage, ob die im Lager 103 zu Boberstein untergebrachten luxemburgischen Absiedler in der deutschen Wehrmacht dienstpflichtig sind:*
*Die im Lager Boberstein untergebrachten Luxemburger Absiedler sind weder dienstpflichtig noch dienstfähig:*
*a) Weil sie die im Wehrgesetz vom 21. Mai 1935 als Voraussetzung für die Dienstpflicht verlangte Staatszugehörigkeit nicht besitzen.*
*b) Weil die Lage der Absiedler und die Gründe, die dazu geführt haben, nicht mit dem Dienste in der Wehrmacht vereinbar sind.*

Zu a)
*Die internationale Rechtslage des Großherzogtums Luxemburg ist seit der am 10. Mai 1940 erfolgten Besetzung durch die deutsche Wehrmacht nicht geändert. Es ist kein Vertrag und auch kein Erlaß der Reichsregierung bekannt, wodurch der Luxemburger Staat oder die luxemburgische Staatsangehörigkeit grundsätzlich zu bestehen aufgehört hätten.*

*Die Verordnung des Chefs der Zivilverwaltung in Luxemburg von Ende August 1942 über die Verteilung der deutschen Staatszugehörigkeit an gewisse «deutschstämmige» Luxemburger wendet sich nicht auf die obengenannten Absiedler an. Soweit sie nämlich am Stichtag 1. 9. 1942 der Volksdeutschen Bewegung nicht angehört haben, haben sie nie die deutsche Staatszugehörigkeit erworben.*

*Soweit sie gegebenenfalls durch die Zugehörigkeit zur Volksdeutschen Bewegung die deutsche Staatsangehörigkeit auf Wiederruf erworben haben könnten, haben sie diese Eigenschaft durch Ausschluß aus der Volksdeutschen Bewegung und durch die Absiedlung wieder verloren.*

*Nach dem Wehrgesetz ist die Reichszugehörigkeit eine Voraussetzung für die Wehrpflicht und nicht eine Folge dieser Pflicht.*

Zu b)
*Die luxemburgischen Absiedler sind alle ohne Ausnahme zwangsweise abgesiedelt worden, weil gemäß der offiziellen Begründung ihr Verbleiben an der Reichsgrenze nicht tragbar wäre.*

*Die Absiedler sind mit ihrer Familie ihrer persönlichen Freiheit verlustig. Ihr Vermögen ist beschlagnahmt. Sie sind keineswegs im Besitz ihrer vollen bürgerlichen Rechte, zudem dürften wohl Personen, denen es wegen ihrer «Unzuverlässigkeit» untersagt ist, an der Grenze zu wohnen, wohl nicht zur Verteidigung dieser Grenzen herangezogen werden.*

Kreisleitung der NSDAP
Hirschberg / Rsgb.
Deutscher Volkssturm
- Kreisstabsführer -

Hirschberg / Rsgb., 25.2.45

Nicolaus R o b, geb. 18.12.97 und Nikolaus André R o b, geb.15.4.2?

sind Luxemburger und werden auf Grund dessen vom Volkssturm nicht erfasst. Sie können das kreisgebiet Hirschberg / Rsgb. verlassen.

Deutscher Volkssturm Gau 21 Der Kreisleiter Kreis Hirschberg

Kreisstabsführer

Der Kommandeur
[S]icherheitspolizei in Breslau
[D]ienststelle Hirschberg

Keine Bedenken!

Unter diesen Gründen wird beim Wehrmeldeamt Hirschberg ein Aufschub der für den 7. April angesagten Musterung und eine Prüfung der genannten Erwägungen durch die zuständigen Stellen beantragt.
Überreicht in Hirschberg am 3. April 1943.

Am 6. April 1943 wurde den jungen Luxemburgern vom Wehrkommando Hirschberg mitgeteilt, daß die Musterung auf dieselben nicht anwendbar sei.
Den Aufzeichnungen eines Umgesiedelten entnehmen wir nachstehende Einzelheiten über diese Aktion:


*Ugangs März go'wen do' jong Borschten, de' am wehrpfligtegen Alter woren, op én Dåg vum Arbechtsasatz freigestallt an opgefuerdert, sech dén Dåg dem Photograf ze stellen, dé fir de' Geléenhét an d'Lager ke'm. Durch eng Indiscretio'n vun der preisescher Tippjoffer (Sekretärin vum «Lagerführer») wor durchgesickert, datt des Actio'n als Optakt zur geplangter Wehrmusterung geduecht wär. D'Reactio'n blo'w net aus. Ké vun onse Jongen huet sech dem Photograf gestallt. Resultat: Gro'ss Oprégong an der Lagerlédong, Lagerspèr (keng Sonndesmass), Postspèr, Demonte'eren vun den Toilettendiren, asw.*

*Mëtt März kruten d'Jongen am wehrpflichtegen Alter dann trotzdem Urder, sech de 7. Abrël fir d'Musterung beim Wehrbezirkskommando Hirschberg ze presente'eren.*
*Dé sellwechten Owend, we' schon all Deporte'ert hir Stre'säck opgesicht haten, hu sech bei Kerzelicht d'Hèren Aloyse Hentgen, Paul Faber a Jules Wilhelm zesummefond, fir ze beroden, wât ge'nt des Musterungsurder ze ënnerhuele wär. Et go'w beschloss, de Jongen de Rot ze gin, beim zo'stännegen Generol ge'nt de' geplangte Musterung ze proteste'eren an dém Betreffenden hir Oppositio'nsgrënn eso'wuel mëndlech ewe' schrëftlech ze ënnerbréden. Nodém sech iwer dës Grënn geénegt gi wor, an ënner dem Diktat vum Hèr Hentgen de propose'erten Manifest schrëftlech virlo'g, go'wen zwé vun de musterungspflichtegen Jongen hémlech erugeholl. Nodém de' betreffend Jongen versprach haten, neischt iwer dës Besprechong ze verroden, kruten sie de' ne'deg Uweisongen. Sie ware mat allem averstan an hu sech berét erklärt, de' virgeschloen Oppositio'nsgrënn virzedroen. Uschle'ssend huet é vun de Jongen de prepare'erten Text mat senger sche'nster Schrëft owgeschriwen, fir en dém zo'stännegen Generol auszehännegen, dén en un d'Kriegsministerium weiderléde sollt.*
*We' spe'der bekannt go'w, huet det Schrëftsteck* dem H. Jules WILHELM (1) *erlabt, an der Suite nach en etlech Jongen, de' schons aus dem Lager entlôss woren, vum Wehrdengscht frei ze kre'en. Et sollt* dem H. Jules WILHELM (2) *eso'guer gelengen, mat Hëllef vun desem Schrëftsteck d'Entlossong aus der Wehrmacht vun zwe'n Jongen ze erréchen, vun dénen den én virum Asatz un der russescher Front stong an dén aneren verwonnt an engem Lazarett lo'g.*
*Den 3. Abrël hun sech de' Jongen um Wehrbezirkskommando presente'ert, fir den Opschup vun der geplangter Musterung ze froen. Sie hun dem zo'stännege Generol hir Grënn ganz gescheckt virgedroen a schreftlech ënnerbrét. De Generol huet Verständnes bewisen a sech berét erklärt, hirt Gesuch un d'Oberkommando der Wehrmacht (Berlin) weiderzeléden. Den Entschéd kriten sie da matgedélt. Bis dohin wir d'Musterung ausgesât.*
*De 6. Abrël 1943 go'w de Jongen vum Wehrkommando Hirschberg matgedélt, dass d'Musterung fir sie net «anwendbar» wir.*



**Zum Empfang im Hofe der Aldringerschule wieder luxemburgisches Bier und richtiger Kaffee**

**Von überall treffen die Verschleppten in Luxemburg ein**




### Ein paar Worte zum Abschluß

Als wir damit begannen, die Geschichte der Umsiedlung zu schreiben, hatten wir wohl bereits eine Menge Material, darunter über 800 Photos, gesammelt, aber seit wir dann mit der Veröffentlichung begannen, verlief wohl kaum eine Woche ohne daß uns weitere Dokumente zugegangen wären. Daher erscheint jetzt die in der «Revue» veröffentlichte Serie in erweitertem Umfang, bereichert um zahlreiche Bilder, Dokumente und vor allem um eine vollständige Liste aller Umgesiedelten, in Buchform.
Wir hoffen, durch dieses Buch einen Beitrag zur Geschichtsschreibung über die Zeit der deutschen Unterdrückung Luxemburgs geliefert zu haben. Jedenfalls war der Anklang, den die Arbeit in weitesten Kreisen der Bevölkerung des ganzen Landes gefunden hat, uns größte Genugtuung.

(2) WEBER , WILTZ
THIEFELS , MEDERNACH
ROOB Nic. , Hollerich

(1) KOOB Jean , Ernster
KOOB Jos. , Ernster